

De Bidgang no Conter.

Zo' ålen Zeïten,
Fun alle Seïten,
Zur Waldburga,
Dèr hëlger Fra,
Gongen d'from Kreschten
Den Aelter reschten,
Mat ènger Kîrz,
Eng'm selv'ren Hîrz,
Hir An ze g'nieren,
Fille mam Schmieren,
Hûot se d'Gnôd gin
'Rem ze gesin
An haut no Conter,
Gi vill Gesonter,
De' gud gesin,
Wan se dur gin ;
A beim 'Remke'ren,
Hir A'n verle'ren,
Dûrch d'mèchtéç Krâft
Fum Rieve-Sâft.
Kuk an de Bescher,
Enner den Descher,
Lei'n s'obenên,
Re'r'n Arm nach Bèn.
Hei an der Scheier,
D'Marre' mam Freier,
D'Kètche mam Franz,
Sti schon am Danz.
An zwo' ganz Reien,
Schadderéç Geien,
Ob e pur Stil,
Spillen d'Kadril.
He'r we' se sangen,
Kuk we' se sprangen,
Dât weist de Kne',
Dât èppes me'.
D'Kristin am déksten,
Spréngt dach am fléksten.
Fun dém gefrôt,
Fun dém geplôt,
Muss 't hei ofschloen,
An do jo soen.
D'Gre'dchen de' Lap,
Danzt mam Stiédslap.
D'Baure gi neidég,
D'Bîrger si streidég;
Duréç de Neït,
Entstêt de Streït.
We' se séç rappen,
We' se séç klappen!
Hei fle't e Glas,

De Bittgang no Conter.

Zu alen Zäiten,
Vun alle Säiten,
Zur Waldburga,
Dâr hell'ger Fra,
Goungen d'fromm Chrëschten
Den Altor rëschten,
Mat enger Käerz,
Engem sêlw'ren Häerz,
Hir Aen ze **genieren**,
Ville mam Schmieren,
Huet se d'Gnod ginn
Rêm ze gesinn.
An haut no Conter,
Gi vill Gesonter,
Dêi gutt gesinn,
Wann se duer ginn
A beim Rêmkéieren,
Hir Aen verléieren,
Duerch dêi mächtég Kraaft
Vum Riewesaaft.
Kuck an de Bëscher,
Ënner den Dëscher,
Leien s'obeneen,
Réieren Aarm nach Been.
Hei an der Scheier,
D'Marie mam Freier,
D'Kettche mam Franz,
Sti schonn am Danz.
An zwou ganz Reien,
Schadderech Geien,
Op e puer Still,
Spillen d'**Quadrill**.
Héier wéi se sangen,
Kuck wéi se sprangen,
Dat weist de Knéi,
Dat eppes méi.
D'Christine am décksten,
Spréngt dach am flécksten.
Vun dem gefrot,
Vun dem geplot,
Muss et hei ofschloen,
An do jo soen.
D'Gréitchen déi **Lapp**,
Danzt mam **Stiedslapp**.
D'Bauere ginn neideg,
D'Bierger gi streideg,
Duerch den Näid,
Entsteet de Sträit.
Wéi se sech rappen,
Wéi se sech klappen!
Hei flitt e Glas,

Commenté [CK1]: genesen, heelen

Commenté [CK2]: gebriechlech
eng schadderech Gei (eng Gei dâr hire Klangkierper
gebrach ass a kee gudden Toun méi vun sech gëtt)

Commenté [CK3]: Quadrille, e Gruppendanz

Commenté [CK4]: leichtfankegt Meedchen

Commenté [CK5]: pejorativ fir een aus der Stad

Do kempt d'dék Bâs.
 Se beissen a krâtzen,
 We' d'Honn an d'Kâtzen,
 De' fannen am Gank,
 Eng Hâme-Schank.
 A mat de Flêschben,
 We' wa se drêschen,
 Schloen se drop,
 Op Nûos a Kop.
 Nu mid mat schloen,
 Ka kê me' goen ;
 Desem blud d'Nûos,
 Dé leît um Wûos,
 Ka séch net re'ren,
 Ka séch net ke'ren.
 An hei am Êk,
 An do am Drêk,
 Leît ên ze we'mren,
 Leît ên ze je'mren,
 Dén hûot kê Schap
 Op séngem Kap.
 D'Sonn, de' hir Strâlen
 Gelôst hûot fâlen
 Op dat Onglék,
 Ze't séch zerék.
 A scho weist d'Auer
 Op der Kir'ch-Mauer,
 Dat et as Zeît,
 Z'ènd'gen de Streît.
 Am fre'l'chste Sangen,
 Leschtégste Sprangen,
 Gi se vùn do,
 Ganz schwârz a blo,
 Mat bludd'ge Kêppen,
 An z'rass'ne Lêppen.
 Ower am Besch,
 Get erem fresch,
 Op d'fîrchterlécht Klappen,
 Geholt èng Schappen.
 An hei an do
 Léft dat dém no,
 As we' en Hîéschen,
 Iwert gréngt Gríéschen.
 Dé me' galant,
 Rêcht deser d'Hand,
 Fir se ze fe'ren,
 'We'nég spadse'ren.
 De' lâfen hîr,
 De' plêke Bîr,
 Dé gêt séch strêkken
 Dûr ennert d'Hêkken,
 Bes se, verlûr,
 Séch Pûr a Pûr,

Do kênnt d'déck Baass.
 Se bâissen a krazen,
 Wéi d'Hènn an d'Kazen,
 Déi fannen am Gank,
 Eng Hameschank.
 A mat de Flâschen,
 Wéi wa se dreschen,
 Schloen se drop,
 Op Nues a Kopp.
 Nu midd mat schloen,
 Ka kee méi goen,
 Dêsem blutt d'Nues,
 Dee lâit um Wues,
 Ka sech net réieren,
 Ka sech net kéieren.
 An hei am Eck,
 An do am Dreck,
 Lâit een ze wéimeren,
 Lâit een ze jéimeren,
 Den huet kee Schapp
 Op sengem Kapp.
 D'Sonn déi hir Stralen
 Gelooss huet falen
 Op dat Ongléck,
 Zitt sech zerék.
 A scho weist d'Auer
 Op der Kirchemauer,
 Datt et ass Zâit,
 Z'ennegen de Strâit.
 Am fréilechste Sangen,
 Lêschtégste Sprangen,
 Gi se vun do,
 Ganz schwaarz a blo,
 Mat bluddege Kâppen,
 An zerrassene Lâpper.
 Awer am Bêsch,
 Gêtt erêm frêsch,
 Op d'fîrchterlécht Klappen,
 Geholl eng Schappen.
 An hei an do
 Leeft dat deem no,
 Als wéi en Hieschen,
 Iwert gréngt Grieschen.
 Dee méi galant,
 Reecht dêser d'Hand,
 Fir se ze féieren,
 E wéineg spadséieren.
 Déi lafen hier,
 Déi plêcke Bier,
 Dee geet sech strecken
 Duer ênnert d'Hecken,
 Bis se, verluer,
 Sech puer a puer,

Commenté [CK6]: dt. Klatsche

Commenté [CK7]: dt. Schopf

Commenté [CK8]: Flêssegkeetsmooss (Schoppen) (ca. 0,4 l)

Zesumme fannen.
Wât as dohannen;
Wâts de so' weis,
Leie geseis ?
De Jang mam Kètchen,
Op èngem Bètchen
Fu wêchem Most!
Ei, Brudder, brost.
Dach must der wessen,
Dat beim Gewessen,
léch mûonéch Sâch,
De' séch dén Dâg
Hûot zo'gedrôn,
Mus iwerschlon.
Wan ê séch vleicht,
Irgert ze leicht,
Kent 't mer schlècht gôn.
Dach muss éch son,
Dass d'deischer Nüocht
S' an Stâd hûot brüocht.
Dén hât èng Hipchen,
Dén èng klèng Knipchen,
Dé kempt so' gûr,
A hât en Hûr.
A mûoncher Médchen,
Bezilt de' Frédchen,
De' ongedüocht,
'T so' weit hûot brüocht.
D'Ro's unni Sûrgen,
De' kaum ê Mûrgen,
So' sçhe' geble't
As ôfgeme't.
An am vergöen,
Hûot se zerschlon,
An èngem Ablék,
All sei Gelék.
O Waldburga,
Du hêlég Fra,
Wanns de mam Schmieren,
Och kens genieten,
Eso' èng Wonn,
Dès Schmier, èng Tonn,
Mis de ganz gieren,
Op all de' schmieren
De' zum Altôr,
Kommen al Jôr.

Letzebûrg, den 10te Juni 1830.

DIEDENHOVEN J.

Zesumme fannen.
Wat ass dohannen,
Wat s de sou wäiss,
Leie gesäis?
De Jang mam Kettchen,
Op engem Bettchen
Vu weechem Most !
Ei, Brudder, Prost.
Dach musst der wëssen,
Dat beim Gewëssen
Ech munnech Saach,
Déi sech deen Dag
Huet zougedroen,
Muss iwwerschlon.
Wann ee sech vläicht,
Irgert ze llicht,
Kéint et mer schlecht goen.
Dach muss ech soen,
Dass däischer Nuecht
Se an d'Stad huet bruecht
Deen hat eng Hippchen,
Deen eng kleng Knippchen,
Dee kënnt souguer,
An hat en Har.
A munnecht Meedchen,
Bezillt déi Freedchen,
Déi onbeduecht,
Et souwäit huet bruecht.
D'Rous ouni Suergen,
Déi kaum e Muergen,
Sou schéi gebléit
Ass ofgeméit.
An am Vergoën,
Huet se zerschlon,
An engem Ablék,
All säi Glék.
O Waldburga,
Du helleg Fra,
Wann s de mam Schmieren,
Och kéins genieten,
Esou eng Wonn,
Däers Schmier eng Tonn
Misst de ganz gären,
Op all déi schmieren
Déi zum Altôr,
Kommen all Joer.

Lëtzebuerg, den 10te Juni 1830

Diedenhoven, Jacques

Commenté [CK9]: dt. Horn, Beule